



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de la Mobilité  
et des Travaux publics

**Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 8236 vum 18. August 2023 vum Här Deputéierten André Bauler.**

Aus wat fir enger präziser Ursaach ass d'Vitess op 50 km/h festgesat ginn an net op 70 km/h? Huet dat just mat der Sécherheet ze dinn?

Den Tunnel Gousselerbiërg ass en Tunnel mat zwee Tüben, jeeweils ee pro Verkéiersrichtung. Wann sou een Tunnel, dee fir Richtungsverkéier konzipéiert ginn ass, während enger längerer Zäit ënnert Géigeverkéier an engem Tüb bedriwwen gëtt, mussen Mesuren ergraff ginn fir de gläiche Sécherheetsniveau ze garantéieren, wéi am normale Betrib. Mat Hëllef vun enger quantitativer Risikoanalyse ginn déi verschidde méiglech Mesuren op hir Effikassitéit gepréift. Déi ganz Planung vum Projet gouf doropshin ausgerichtet fir d'Aarbechten am Tunnel Gousselerbiërg während den 2 Méint vun der Schoulvakanz duerchzuführen. Doraus hunn sech follgend Mesuren aus der Risikoanalyse erginn:

- Tüb am Chantier: Schaffen op zwou Schichte pro Dag vu jeeweils 10 Stonne fir d'Dauer vum Chantier op zwee Méint ze limitéieren;
- Tüb am Géigeverkéier: Vitess limitéiert op maximal 50 km/h, Kontroll vun der gefuerener Vitess, geschoulte Sécherheetspersonal a stänneger Bereitschaft 24/7 beim Tunnel, dat bei engem Tëschefall direkt kann agraifen.

All déi Mesurë si laut der Tunnelgesetzgebung an der "Décision d'exploitation" vum Tunnel laut der "Inspection du travail et des mines" (ITM) noutwenneg fir d'Sécherheet ze garantéieren. Eng Vitesslimitatioun op maximal 70 km/h wär laut der quantitativer Risikoanalyse net duergaangen, fir déi gefuerdert Sécherheetskrittäre während zwee Méint ze erfëllen.

Mécht d'Vitesse vu 50 km/h de Verkéiersfloss net manner flësseg, well etlech Leit drënner fueren?

D'Flëssegkeet vum Verkéiersfloss huet net nëmme mat der maximal zoulässeger Vitesse ze dinn, mä och mat der Quantitéit vum Verkéier. De Chantier am Tunnel Gousselerbiërg ass an d'Schoulvakanz am Summer geluecht ginn, also och zum Deel an d'Period vum Kollektivcongé, wou wäit aus manner Verkéier ass wéi normal, fir de Verkéiersfloss gréisstendeels flësseg ze halen.

Kann den Här Minister déi geleschten Aarbechten an deenen zwee Tunnellen, déi jo bis bal Mëtt September daueren, kuerz virstellen?

Zu deene verschiddenen noutwennegen Sécherheetsequipementer am Tunnel Gousselerbiërg gehéiert och eng Iwwerwaachung vum Verkéier mat Hëllef vu Videokameraen, grad sou wéi eng automatesch Detektioun vu méiglechen Tëschefall iwwert zousätzlech Kameraen, déi redundant mat weidere Sécherheetsequipementer (Brandmeldekabel, Dampdetektioun, asw.) verbonne sinn. Déi bestoend analog Technik vun de Kameraen ass säit der Ouverture vum Tunnel Gousselerbiërg am Joer 2008 am Betrib an no 15 Joer op hirem Liewensend ukomm. Déi analog Technik gëtt net méi produzéiert, et kritt een also keng Ersatzdeeler méi, sou datt op eng digital Technik gewiesselt huet misse ginn. Dat bedeit net nëmme d'Austausche vu ronn 250 Kameraen, mä och d'Verleeë vu ronn 50 000 Meter Kabel, d'Installatioun vun engen 130 neie Switchen, grad sou wéi d'Installatioun an d'Programmation vun neien Analyseuren an d'Ausféiere vu verschiddenen anere klengen Aarbechten.

An Kader vum selwechte Chantier goufen och d'Luuchte vun der ëffentlecher Belichtung um Viaduc Luerenzweiler ausgetosch (zirka 2 800 Luuchten) an déi komplett Usteierungen dovunner ersat, ewéi och eng Glasfaserverbindung vun engem Netzbedriwwer verluecht. Weider kleng Aarbechte goufen dann och nach mat gemaach wéi d'Reparéieren an d'Botze vun den CITA - Panneauen/Signalisatiounen.

Am Tunnel Miersch goufen déi selwecht Aarbechten duerchgefouert.

Zu gudder Läscht gouf och während dem Chantier déi semestriell Hierschtmaintenancen an deenen zwee Tunnellen duerchgefouert.

Lëtzebuerg, den 21. September 2023

De Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch